n° 3259

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

REÇU
Par Alff Christian , 16:51, 07/12/2020

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 7. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Duerch d'Corona-Kris verdénge vill Leit, déi elo an der Kuerzaarbecht sinn, just nach 80 Prozent vun hirem urspréngleche Salaire. Dës finanziell Belaaschtung gëtt nach doduerch verstäerkt, wa weider Käschten duerch medezinesch Leeschtungen ufalen, déi déi Betraffen an Usproch huelen. An deem Sënn ass et elo essentiell, datt déi Betraffen net onnéideg laang op de Remboursement vun de Käschten duerch d'Krankekeess waarde mussen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi hunn sech am Kader vun der Corona-Kris d'Waardezäite fir de Remboursement vu medezinesche Leeschtungen duerch d'Krankekeess entwéckelt?
2. Wat gedenkt d'Regierung konkret ze ënnerhuelen, fir d'Waardezäite fir de Remboursement vu medezinesche Leeschtungen duerch d'Krankekeess esou kuerz wéi méiglech ze halen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**REÇU**
*Par Alff Christian , 16:04, 05/01/2021*

Luxembourg, le 5 janvier 2021

**Référence :** 835xd2e33

**Objet :** Questions parlementaires n°3259 du 7 décembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen et n°3343 du 18 décembre 2020 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet du délai de remboursement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse aux questions parlementaires n°3259 du 7 décembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen et n°3343 du 18 décembre 2020 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet du délai de remboursement.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale

Romain SCHNEIDER

**Annexe(s) :** Réponse aux questions parlementaires n°3259 et 3343

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Froen n° 3259 vum Här Deputéierte Jeff Engelen an n°3343 vum Här Deputéierte Mars Di Bartolomeo iwwert den Delai vun de Remboursementer**

An deene leschte Woche gouf et, saisonal bedéngt, eng Erhéijung vun den Demandë fir d'Remboursementer. Den Departement vun de Naturalleeschtungen (Departement PN) vun der Gesondheetskeess kritt pro Dag an der Moyenne 22-23 Keesen déi ongeféier 800 Remboursementsdemandë beinhalte fir ze traitéieren. Zäitweis kann esouguer e Pic vun 28 Keese pro Dag erreecht ginn.

Et sief ze bemierken dat virun der Covid-19-Kris den alen Departement « National Remboursementer » vun der Gesondheetskeess 16-18 Keese pro Dag traitéiert huet.

Aktuell brauch d'Gesondheetskeess 6 bis 8 Wochen fir de Remboursement. Dës ass doduerch ze erklären, dat mei héich Remboursementsdemanden awer och duerch méi laang Krankeschäiner, oder duerch Pensiounsdeparten déi nach net konnte remplacéiert ginn an eben och duerch Projete mat enger grousser Envergure déi vill Ressourcë vum Personal vum Departement PN beusprochen. Zudeem kommen och nach vill Appellen an E-Mailen déi musse beäntwert gi grad och wéinst dem Retard vun de Remboursementer.

D'Gesondheetskeess ass am gaangen sech interne ze reorganiséiere fir des Retarde kënnen opzehuelen. Dozou gehéiert zum Beispill d'Mise en Place vun engem neien optesch liesbare System vun de Rechnunge fir kënnen e méi héische Volume ze traitéieren. Dëse Changement ass awer eréischt effektiv wann déi interne Reorganisatioun fäerdeg ass (Reaffektatioun a Formatioun vum Personal).

Den Departement PN huet ausserdeem seng Preparatiouns-a Validatiounsprozeduren iwwerschafft, huet 15 nei Kollaborateure forméiert, 2 befriste Kontrakter an een onbefriste Kontrakt agestallt déi sech elo grad an der Formatioun befannen an huet e serréierte Monitoring en Place gesat.

Zudeem ginn déi aktuell Délaien um Site vun der Gesondheetskeess an op Facebook publizéiert an an de Waardeschlaangen um Telefon leeft eng automatesch Info déi iwwert Délaien informéiert. Um Site vun der Gesondheetskeess ginn d'Leit och rappelléiert dat se kënnen direkt iwwert Cheque rembourséiert ginn wann d'Rechnung iwwer 100 Euro ass.

D'Gesondheetskeess huet nach e weidert Renforcement vum Personal ugefrot. Bis dëse Renforcement accordéiert ass, wat eng Ännerung vun engem groussherzoglechen Reglement mat sech bréngt, huet d'Gesondheetskeess vun der Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) 3 CDD Kontrakter accordéiert kritt fir d'Joer 2021. Dovunner geet een an den Departement PN an et ginn 3 Leit vum Service Courrier provisoresch an den Departement PN detachéiert.

Am Laf vum éischten Trimester vun 2021 wäert d'Gesondheetskeess en digitalen Dispositif a Produktioun ginn de progressiv soll hëllefen den analogen Austausch vun Dokumenter ze reduzéieren deen ënnert de Prestatairen, den Assuréen an de verschiddenen Verwaltungen statt fënnt. Dësen digitalen Dispositif wäert et den Assuréen erméiglechen Applikatiounen um Handy ze benotze mat deenen se kënnen hier Honorairen, Krankeschäiner an Ordonnancë geréieren. Esou kann d'Prozedur vum Remboursement acceleréiert a vereinfacht ginn.